N°3184
Entrée le 18.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister op d'parlamentaresch Fro n°3184 vum 13. November 2025 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement.**

1. **Bei wéi villen ëffentlechen a parastaatlechen Institutioune ginn et aktuell Beroderverträg mat fréiere Presidenten oder Direkteren? Kéint d'Regierung eng detailléiert Iwwersiicht vun dësen Entitéite ginn?**
2. **Wéi ginn dës Beroderposten remuneréiert? Wéi vill kascht et de Staat respektiv déi jeeweileg Entitéit pro Joer? Kéint eng Iwwersiicht vun de Käschte pro Institutioun zur Verfügung gestallt ginn?**
3. **Wéi gëtt verhënnert, datt et zu Interessekonflikter kënnt, wa fréier Responsabelen déi nei Leedung beroden, mat deenen si eventuell nach bis viru kuerzem zesumme geschafft hunn? Ginn et kloer Reegelen oder Richtlinnen, déi d'Roll an d'Verantwortung vun dëse Beroderen definéieren?**
4. **Gesäit d'Regierung an dëser gängeger Praxis kee Risiko, datt et zum sougenannte "Dréidier-Phänomen" kënnt, wou fréier Responsabelen zu Lobbyiste ginn oder hir nei Positioun am Interessi vun Drëtten ausnotzen? Wéi gëtt garantéiert, datt déi strategesch Informatioune vertraulech bleiwen?**
5. **Plangt d'Regierung eng generell an och ministerieniwwergräifend Approche, fir d'Praxis vu Beroderverträg mat fréiere Presidenten a Direkteren iwwer all ëffentlech Institutiounen an Entitéiten ze reegelen? Falls jo, a wéi enger Form? Falls nee, aus wéi enge Grënn net?**

Op Nofro hin hunn aktuell just 2 Ministèren e sougenannte Berodervertrag mat engem fréiere President oder Direkter, déi allen zwee Staatsbeamte waren. Aus Dateschutzgrënn kann een op dësem Wee awer keng méi detailléiert Informatioune liwweren.

Et ass also net esou, dass een hei vun enger gängeger Praxis kéint schwätzen an et bleift deemno eng aussergewéinlech an exceptionell Moossnam, déi just dann Uwendung fënnt wann se Sënn mécht fir de Staat, well een eng disponibel Ressource zur Verfügung huet, déi eng laangjäreg Erfarung gesammelt huet an hier Zouverlässegkeet iwwert Joren am Déngscht vum ëffentlechen Interessi a Beweis gestallt huet.

D'Dauer vun deenen 2 Verträg sinn un déi spezifesch Missioune gebonnen a deemno zäitlech staark begrenzt. Nieft der Beschreiwung vun der konkreter Missioun, de Rechter an den Obligatiounen, sinn och d'Modalitéite vun deene jeeweilegen Zesummenaarbechten, esou wéi de Remuneratiounsschlëssel, am eenzelnen an de Verträg gereegelt. Et besteet doriwwer eraus also och kee Besoin e generelle Kader mat Reegele fir esou e ganz spezifeschen a punktuelle Besoin opzestellen.

Lëtzebuerg, de 17. Dezember 2025.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN